

En partenariat avec



OUSCHTEREN - NOHALTEG A FAIR!

Mam Fréijoersufank steet och erëm Ouschtere virun der Dier. Da ginn erëm Näschter mat Schockela a faarwegen Eeër verstoppt a mir iesse gutt mat eiser Famill. Bei all der Léiff an den Traditionnen denke mir off net un eisen ekologesche Foussofdrock an iwverleeën net, wéi mir all de (Verpackungs-)Knascht vermeide kéinten. Mee et lount sech!

D'Eeër solle jiddwerfalls regional a bio sinn a bei de Faarwe kënnen mir ganz op natierlech Faarwe setzen. Kurkuma fierft goldgiel, rout Rommele rout a Spinat gréng. Och bei de Séissegkeete kënnen mir oppassen, dass et sech ëm fair gehandelte Schockela handelt an dass eisen Ouschterhues bio ass.

ZERO-WASTE- OUSCHTERNÄSCHTER

E Nascht kann een och selwer flechten oder bastelen. Eeërkëschten, Kéisschachtelen oder kleng Uebstkëschten kennen zu engem Ouschternascht ëmgewandelt ginn, a mat Hee oder Moos gefëllt ginn.



SEEDBOMBS FIR SELWER ZE MAACHEN

Wat sinn iwverhaapt „Seedbombs“?
Ma dat si kleng Bullen aus Buedem a Som, déi een, wa se dréche sinn, op e Stéck Buedem ka werfen, wou nach näischt wísst. Soubal et reent, fänken déi Somkären un, ze keimen an et wísst eng schéi Blummewiss. Wien nohalteg schenkt, denkt net nëmmen un haut, mee och nach u muer. Selwer gemachte Seedbombs verstoppen hir Schéinheet ganz déif an hirem Ënneren an eréischt wann d'Fréijoerssonn richtig schéi straalt, bléie si op a weisen hir Herrlechkeet!

DIR BRAUCHT:

1 TL Som
3 TL Kompost
3 TL Tounäerd
e bësse Waasser

A LASS!

Alles gëtt zesumme vermëscht an da gëtt no an no Waasser dobäi gemach, fir dass een d'Mëschung gutt ka formen. Da kann ee sechs Bullen an der Gréisst vun enger décker Noss formen an op d'Fënsterbänk leeën oder an der Sonn dréchnen loossen. Déi kleng Seedbombs kënnen ganz einfach an eidel Toiletterulloer verpak gin fir ze verschenken.